



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Dépôt : Jeff Engelen

Lëtzebuerg, den 23. Abrëll 2021

P2 4802

5

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- wëssenschaftlech Etüde wéi aus engem Mond vun enger Verschlechterung vun der geeschterger Gesondheet vun der Bevëlkerung als Konsequenz vun de Covid-Restriktiounen schwätzen;
- d'Geselligkeet, och am Kader vu sportleche Manifestatiounen, e wichtege Bäitrag fir dës Gesondheet ass;
- d'Regierung net bewisen huet, datt den Ustiechungsrisiko bei enger Sportveranstaltung am Fräie méi grouss ass, wéi de Risiko fir de Publikum, sech am Theater, am Concert oder am Kino unzestiechen;
- d'Publikumszuele bei esou Sportveranstaltungen hei am Land net esou grouss sinn, datt ee si misst begrenzen, fir e Mindestofstand tëscht de Leit kéinten am Stadion ze garantéieren;

fuerdert d'Regierung op, datt

- fir all Sportarten, déi am Fräie praktizéiert ginn, an alle Kategorien nees Publikum zouzelossen, an zwar ouni Restriktiounen.